

konnt wëssen, mä elo wësst Der et an déi nächste Kéiere wier ech frou wa jiddfer Regierungsmember sech un déi Zäit hält, déi an eisem Reglement festgehalten ass.

■ **M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.**- Här President, wann Dir mech dat frot, da maachen ech dat, mä Dir hutt mir dat net gesot.

(Interruptions diverses)

■ **M. le Président.**- Jo, ech hu geduecht, Här Krecké, Dir géift lech...

■ **Une voix.**- Dir musst d'Reglement kennen!

■ **M. le Président.**- Ech hat geduecht den Här Krecké géif sech d'office un d'Reglement halen, well hie wéi gesot a sengem fréiere Liewen ëmmer...

■ **M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.**- Wa jiddereen nëmmen ëm eng Minutt iwwerschreit, dann ass et fir mech kee Problem hei an deem Haus.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Wirtschaftsminister.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5321 iwwert de Bau vun engem Fleegeheim zu Klierf. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn ageschriwwen bis elo déi Hären: Bettel, Schneider, Adam a Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Jean-Paul Schaaf. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

3. 5321 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins à Clervaux

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

■ **M. Jean-Paul Schaaf (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn d'Éier de Rapporteur vum dem Projet de loi 5321 ze sinn. Wéi et de President elo gesot huet, e Projet mat deem et der Regierung erlaabt gétt sech finanziell um Neibau vun engem Fleegeheim zu Klierf ze bedeelegen.

Dëse Projet ass den 31. Mäerz 2004 vun der Madame Familljeminstre an der Chamber deponéiert ginn an e fousst op enger Konventioun tëschent dem Stat an der Kongregatioun vun de Franziskanerinnen oder am ganze Wuertlaut der Congrégation des Franciscaines de la Miséricorde de Luxembourg. Eng Konventioun, déi den 21. Mäerz 2003 ënnerschräwe ginn ass an den 10. Dezember vum selwechte Joer komplettéiert gouf. Mir hunn en Avis vum Statsrot vum 22. Juni an eng Äntwert a Stellungnahm vun der Regierung vum 12. Juli dëst Joer.

Mir haten hei gëschter an deem Haus schonn zwee Projeten, déi aus deemselwechte gesellschaftlechen Aufgabebegitt sinn, een zu Ierpeldeng an een op der Rumm. Dee Projet, deen eis haut virläit, ass eragereecht gi mat enger ganz detailléierter Analys vun de Bedürfnisse am Beräich vun de sozialen Institutiounen fir déi eeler Matbierger. Ech wëll am Résumé dovunner e puer Punkte gären hei festhalen a rapportéieren.

Dat éischt ass, dass déi institutionell Noutwendegkeeten am Beräich vun drëtteen a véierteen Alter sech net méi einfach op eng qualitativ a medezinesch gutt Ennerbréngung reduzéieren, mä dass et eng vill méi differenzéiert Approche muss ginn. En eelere Mënsch ass net entweder valid oder invalid an ass domadder net anescht wéi d'Leit aus allen aneren Alterskategorien, mä en ass wéi si och an engem Liewensofschnëtt, deen eben och Momenter vun

Ofhängegkeet a Momenter vu ganzer oder relativer Onofhängegkeet beinhalt. De Projet dréit deem Rechnung duerch eng ganz differenzéiert Offer.

Den zweete Punkt ass, dass de klassesche Centre intégré pour personnes âgées oder CIPA, wéi mer se nennen, als Philosophie huet fir eng gutt Ennerbréngung, Fleg a Verfleegung vun de Leit a Servicer fir d'Leit ze maachen. Dobäi ginn déi kierperlech a geeschteg Fäegkeete vun de Bewunner stabiliséiert an d'Leit gi beschtens encadréiert.

De virleierende Projet, dee mer haut diskutéieren, ass anescht a senger Ausrichtung an en ass complémentair dozou. D'Maison de soins vu Klierf kritt als Haaptaufgabebegitt dat, wat een nennt, d'Revalidation gérontologique, een net ëmmer gutt verstanene Begrëff aus deem een awer einfach kann esou definéieren, dass ee seet: Dorëner versti mer eng Rei vu multidisziplinären Démarchë ronderëm den eelere Mënsch mat enger, an do läit eben alles dran, de Mënsch als temporaire an als réversibel betruetener Ofhängegkeet.

Vill Leit erliden am Alter duerch, sief et eng Operatioun, en onerwaarten Spidolopenthalt, en Accident, de Verloscht vum Partner oder awer och duerch méi oder wéineger onerklärlech Degradatiounen vun de psychesche Fäegkeeten eng nei Liewenssituatioun, déi se quasi vun haut op mar net méi alleng meeschtere kënnen. An da gëtt Faute de mieux oft eng Demande an e CIPA gemaach, well d'Onofhängegkeet trotz Servicer doheem net méi garantéiert ass.

Elo ass et awer esou, dass hei d'Offer vum CIPA net onbedéngt déi richteg Äntwert op dës nei Situatioun ass, si ass nämlech dann net onbedéngt richteg wann déi momentan Ofhängegkeet vum eelere Mënsch net definitiv ass, mä wa se kann duerch eng intensiv a geziilt Hëllef zrëckgefouert ginn. Also duerch déi Revalidation gérontologique soll et an der Maison de soins vu Klierf fir d'Leit aus der Region méiglech ginn duerch en individuelle Programm vun Dëngschtleeschungen an esou enger Krisesituatioun gehollef ze kréien, mat der Zilsetzung vun engem méigleche Retour à domicile respektiv mat der Aweisung an eng aner Institutioun, nodeems dass eben all Méiglechkeeten zur Maximiséierung vun der Autonomie vum eelere Mënsch erschöpft gi sinn.

Konkret ass et sech esou virzestellen, dass d'Demandé vu Säite vun de Spideeler, vu Säite vu Servicer vun Aide et soins à domicile, vun Dokteren, vu soziale Servicer, vu Familljen oder och vun enger Fleegeversécherung un dat Haus gestallt ginn. Dann ass et wichteg, dass eng séier Admissioun och en urgence méiglech ass. Un déi schléisst sech an deenen éischten dräi bis véier Deeg eng genee Analys vun der Situatioun vun der Persoun un, eng Analys, déi muss entscheeden, ob iwwerhaupt eng Revalidation gérontologique aus medezinescher, sozialer, psychosozialer Siicht méiglech ass an eben och de Profil muss se definéieren fir déi dote Prise en charge. Duerfir ginn dann extern Servicer, wéi d'Hausdokteren, d'Spideeler, déi zouweisend Servicer respektiv hausintern spezialiséiert Servicer erugezunn.

Fir all eenzelne Patient gëtt en individuellen Hëllefspang vun Aktivitéiten, Zilsetzungen, vu Methoden vun där multidisziplinärer Equipe formuléiert. Fir seng Ziler vun der Reintegratioun vun der Persoun an hiert familiäert Ëmfeld ze erreeche respektiv eng Aweisung an eng aner Institutioun virzehuelen, nodeems all Méiglechkeeten zur Stärkung vun der Autonomie vum eelere Mënsch ausgeschafft sinn, ass eng institutionell ganz individuell Prise en charge, e ganz individuellt Schaffe mat de Leit noutwenneg.

Dëse Projet ass deemno complémenteaire zu de méi traditionelle CIPAen an e bitt eng ganz diversifizéiert Offer fir den eenzelne Mënsch. Dëse Projet kann Aweisungen an e Centre intégré ersauzögeren oder souguer onnéideg maachen, wat dem Wëlle vun der Politik an ech menge vun eis alleguer an deem Beräich an och virun allem dem Wonsch vun de betraffene Leit voll a ganz entsprécht.

Fir dës Ziler ze erreeche si 5 Unitéiten an där neier Maison de soins zu Klierf virgesinn.

Dat ass éischstens eng Statioun mat 15 Better fir Opnamen, déi och Dag an Nuecht kënnen virgeholl gi mat der Zilsetzung vun där Revalidation gérontologique.

Un déi schléisst sech un eng Dagessitatioun vun zéng Plaze fir Patienten, déi also nuets nach kënnen doheem bleiwen, mä am Dag awer vun där Offer vun der Revalidation profitéieren.

Do dernieft 15 Better, déi als Vakanzebetter ausgewise sinn an déi och de Leit den Zougank zu deene méi rehabilitative Moossname méiglech maache mussen.

An da fënnef Better fir eng Opnam en urgence, eben aus där ganz einfacher Ursaach, well déi Situatioun vun enger Kris, vun enger momentaner Ofhängegkeet an déi d'Leit rutschen eng séier Prise en charge zwéngend néideg mécht.

A schliesslech, an dat ass déi zweet Vokatioun vun deem neien Haus, et kommen nach dobäi 15 Better an enger separater Statioun fir d'Soins palliatifs. Dës Moossnam entsprécht dem Regierungswëlle vum Ausbau vun de Better fir Soins palliatifs. D'Wichtigkeet dovunner, mengen ech, ass och gëschter hei schonn ënnerstrach ginn.

Alles an allem begräift de Projet deemno 50 Better an 10 Dagesplazen. Et handelt sech ëm en Neibau, deen nieft dem ablécklechen Altersheem, dem Home St François vun der Kongregatioun zu Klierf entsteet. Dat aalt Haus an deem haut en Altersheim nach funktionéiert a wat fréier eng Klinik war, soll no Fäerdegstellung vun deem neien ofgerappt ginn.

Zum Finanzement ass ze soen, dass geméiss der Konventioun tëschent dem Stat an der Kongregatioun vun de Franziskanerinnen dem Stat seng Partizipatioun bei 80% läit, wat déi 15 Vakanzebetter an déi 5 Urgencébetter ubelaangt, a bei deenen anere Servicer, bei deene 15 Palliativbetter, bei de 15 Better an den zéng Dagesplaze fir d'Revalidation gérontologique läit déi Partizipatioun bei 100%. De Gesamtkäschtepunkt vum Projet bedréit maximal ronn 12,3 Milliounen Euro. Dovunner léich dann dem Stat seng Subventioun bei 11.421.561 Euro laut Bauindex vum 1. Abrëll 2004. Dat ass eng Dépense, déi vum Fonds spécial pour le Financement des Infrastructures sociofamiliales iwwerholl gëtt.

Ech wëll ofschléissend nach ënnersträichen, dass d'Moderniséierung an den Ausbau vun de Struktur fir eis eeler Matbierger am Allgemengen an dëse Projet, dee mer haut hei diskutéieren, den Accord vun der CSV-Fraktioun fannen. Dofir kann ech, Här President, den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet hei abréngen.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Rapporteur. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Xavier Bettel. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Här Jean-Paul Schaaf félicitéieren fir säin éischte Rapport, deen en eis an der Chamber presentéiert huet, schréftlech a mëndlech. Félicitatioun also.

Wéi scho gesot, gëschter hate mer zwee Projeten ugeholl iwwert d'Familljepolitik, fir nei Infrastrukture fir ons eeler Matbierger ze schafe respektiv auszebauen.

(Coups de cloche de la Présidence)

Déi Komplimenter woren éierlech, dat wäert fir vill Onrou bei lech douewe suergen, mä et wor éierlech gemengt.

■ **Une voix.**- Dat war léif vun Ärer Sait.

(Hilarité)

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Jo, ech weess, emol eng Kéier, gesitt Der.

A mir wäerten an deenen nächste Wochen nach weider Projeten ofstëmmen, déi scho vun der viregter Regierung decidéiert goufen, justement fir Infrastrukture fir déi eeler Matbierger.

Wat mir an deem heite Projet gutt gefält, ass am Fong d'Hausphilosophie vun deem Heem, déi op d'Revalidation gérontologique ausgericht ass. Dat heescht, dass et dorëms geet d'Leit nees fit ze maachen, fir dass se an e relativ onofhängegt Liewen doheem zrëckfanne kënnen. Bei där Aarbecht geet et also net nëmmen dorëms fir d'Gesondheet ze erhalen, mä och fir deene Leit neie Mutt ze gi fir doheem hire Liewensowend kënnen ze verbréngen.

Et huet ee jo oft dramatesch Erliënesser a virun allem traumatescher wéi de Verloscht vum Liewenspartner zum Beispill oder eng gréisser chirurgesch Operatioun, wou eng Persoun dann an d'Dépendance fält, wa se eleng gelooss ass, a wou dat déi dann nach ëmmer méi an d'Dépendance versenkt. Experienzen am Ausland hu bewisen, dass d'Revalidation gérontologique en Taux de réussite vu 65% huet. Dofir ass et wichteg Infrastrukturen an esou Servicer unzébiden.

Wichteg ass och, dass bei deem Projekt direkt eng Palliativstatioun virgesinn ass fir eeler Matbierger an hirem leschte Liewensofschnëtt ze begleeden. Ech wollt awer och nees an deem Kontext drop hiweisen, dass et wichteg wär, dass de Gesetzesprojet vu mengem Parteilkolleeg Carlo Wagner ufanks des Jores justement iwwert d'Palliativmedezin nach eng Kéier soll hei am Plenum ofgestëmmt ginn, an esou séier wéi méiglech.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Mir mussen och kucke fir et fäerdeg ze bréngen de staatleche Feu vert fir d'Sozial- a Gesondheitsinfrastrukturen éischer kënnen ze ginn. Pour mémoire: Et ass elo bal annerhalft Joer tëschent der Signature vun der éischer Konventioun an der Ofstëmmung an der Chamber vergaangen.

Ech weess, Madame Ministesch, Dir kennt net vill dofir, mä d'Saache sinn urgent.

Dir Dammen an Dir Hären, an eiser alternder Gesellschaft ass et immens wichteg fir eisen eelere Matbierger all Méiglechkeet ze ginn, sou laang wéi méiglech onofhängeg ze bleiwen, Erfahrungen ze vermëttelen, aktiv am Liewen deelhuelen ze kënnen an de Gedanken- an Erfahrungsaustausch tëschent de Generatiounen ze förderen. Wéi zum Beispill déi Iddi vun der Crèche. Gëschter hat ech et net gesot, mä ech fannen dat eng super Iddi! Op enger Plaz, wou eeler Leit sinn, oder Leit wou mer gesot hunn, dass se psychesch Problemer hätten, wou Kanner awer ronderëm sinn. Dat heescht

et ass e Mélange vun de Generatiounen op där Plaz. Dat ass eppes wat mer op jidde Fall als Demokratresch Partei nëmme kënnen luewen.

Op jidde Fall, esou wéi ech et scho virdru gesot hunn, d'Philosophie vun deemem Projet fanne mer och ganz gutt an dofir bréngen ech och den Accord vun der Demokratescher Partei zu deemem Projet.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Bettel, fir Är Ausféierungen. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Schneider. Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Romain Schneider (LSAP).**- Här President, Här Rapporteur, Kolleginnen a Kollegen, d'Partizipatioun um Bau vun der Maison de soins op den Terrain vum Home St François zu Klierf ass e richteg Schrétt vun eiser Politik bei der Schafung vun neie Fleegebetter. Dës Struktur ënnert der Hand vun de Franziskanerschwëstere bitt eis also d'Méiglechkeet, ronn 50 nei Fleegebetter ze schafe mat - wéi ugeschnidden - engem neien, innovativen Konzept. Et ass dat och immens wichteg, wësse mer dach, dass vill fleegebedürfteg Leit, déi net méi doheem kënnen oder während enger Zäit net méi doheem kënnen versuergt ginn, op e Bett an eisem Land waarden.

Generell gesinn ass dës Nofro grouss an ze dacks mussen eeler a krank Leit an d'Ausland a gréisstendeels an d'Belsch an e Fleegeheim goe fir do hire leschte Liewensofschnëtt ze erliewen. Et sinn dat Faiten, déi mir perséinlech ganz wéigedoen hunn an haut nach dinn. Mir mussen et dach als e Land, eent vun deene räichste Länner op dëser Welt, fäerdeg bréngen, deene Leit, déi zum Deel zum ganze Konzept vun eisem Land bäigedroen hunn, deels eist Land mat opgebaut hunn, eng Méiglechkeet ze ginn, op hirem Buedem a Würde ze stierwen. Hei zu Klierf ass dëse Schrétt gemaach ginn, an dofir och meng Félicitatioun un all déi, déi dëse Projet virugedriwwen hunn an och a schwierege Momenter eng Hand mat ugepaakt hunn.

An deem Kontext erlaabt mer, Madame Minister, awer ze hannerfroen, wéi et mat deem nationale Plang fir d'Schafung vun zousätzleche Fleegebetter an eisem Land ausgesäit. Meng dräi Froen an deem Kontext:

1) Wéi vill Maisons de soins sinn am Bau oder geplangt an deenen nächste Joren?

2) Wou kommen se hin?

3) Wéini sinn se bezuchsfäeg?

Wat de Projet Maison de soins zu Klierf betrëft si mir selbstverständlech als Fraktioun domat d'accord, félicitéieren och de Rapporteur fir deen iwwerzeegende Virtrag vum Projet a wäerten dëse Projet och stëmmen.

Merci.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Schneider. Den nächste Riedner ass den Här Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Claude Adam (DÉI GRENG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der grénger Fraktioun soen ech lech, dass mer och dee Projet gutt fannen, mir stëmmen ëm och zou. De Projet ass vum Rapporteur ganz gutt presentéiert ginn, souwuel de mëndleche wéi de schréftleche Rapport. Alles wat meng Virriedner Positives gesot hunn ënnerstëtze mer och. De Projet géng net besser ginn, wann ech dat nach eng Kéier alles géng widderhuelen, dofir maachen ech dat och elo net.

(Hilarité)

Merci.

■ **M. le Président.**- Très bien, Här Adam. Merci fir Är Interventioun. Da géif ech dem leschten

ageschriwwene Riedner, dem honorabelen Här Jaerling, d'Wuert ginn. Här Jaerling!

M. Aly Jaerling (ADR). - Bon, merci, Här President. Ech wëll och dem honorabelen Här Rapporteur félicitéiere fir säin ausféierleche Rapport an ech wëll och ënnersträichen, dass et och fir den ADR e grouse Problem war, wa mer gesinn hunn, dass ëmmer méi Leit an d'Ausland hu missen a Fleegeheemer goen, well se hei am Land keng Plaz kritt hunn, well se net konnten an hirem eegene Land hire Liewensowend a Rou verbréngen, awer och well dat eng Rei ierrechtlech Problemer souguer mat sech bruecht huet, wa se am Ausland ageschriwwene waren an dann do ewechgefall sinn, déi mer dann awer mat all neie Projet wou mer Fleegeheemer, Fleegebetter maache lues a lues och an de Grëff kréien.

Ech hoffen, dass mer iergendwann eng Kéier heihinner kënne kommen a soen: Esou, elo hu mer Fleegebetter genuch fir eis Leit all ënnerdaach ze kréien, an ech géif mengen, dass dat eisen Objektiv soll sinn, an do ass et selbstverständlech, dass mer dëse Projet och wäerten ënnerstëtzen.

Une voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Jaerling. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. D'Wuert huet elo d'Regierung an der Persoun vun der Familljeministesche, der Madame Jacobs. Madame Jacobs, Dir hutt d'Wuert.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer all Dag nach esou e Projet huelen, da geet et nach ëmmer méi séier. Ech géing fir d'éischt wëllen dem honorabelen Här Schaaf awer och félicitéieren an em Merci soe fir säin excellenté schréfflechen a mëndleche Rapport, besonnesch well et deen éischten och wor. Ech sinn dovun iwwerzeegt, datt d'Leit ganz frou si wa se gesinn, wéi gutt datt en dat hei gemaach huet.

De Mëtteg geet et ëm d'Spidol vu Klierf. Firwat soen ech „Spidol“ vu Klierf? Well fréier wor e Spidol doranner, an nodeem dann ewell an der Zäit Restrukturatiounen gemaach goufen, ouni Spidolspang, ass dat Haus dofir net méi gebraucht ginn, mä du gebraucht ginn als Altersheim a mëttlerweil entsprécht et awer haut net méi deene Konditiounen an deenen Uspréch, déi mer dorunner stellen, an dofir soll dat dann och neigebaut ginn, esou wéi de Jean-Paul Schaaf dat elo grad hei explizéiert huet.

De Projet huet am Fong zwee Objektiv, dat eent ass dee fir ze kucken, fir dass d'Leit esou wäit wéi et méiglech ass kënne soulaang wéi et méiglech ass doheim bleiwen, an dat zweet ass awer och d'Renovatioun, d'Modernisatioun an och d'Extensioun vu verschiddenen Infrastrukture fir eeler Leit ze maachen. An an deem Kontext denken ech och, datt et net onwichtig ass, datt mer domat a finanziell méi schwierigen Zäiten och der Baubranche hëllefen, wou jo awer e gewaltigen Investissement op finanzieller Säit an déi dote Branche vun deenen heite Projekte kënnt.

De Jean-Paul Schaaf huet lech gesot wat alles an deem neie Gebai als Servicer drakommen. Et si fënn verschiddenen Unitéite virgesinn. Eng Kéier ee Service vun Dag- an Nuetsbetreiung fir Revalidatioun mat 15 Better, een ambulante Service fir zéng Still heescht dat, oder Chaisen an deem Fall, fir déi Leit, déi owes dann erëm heemgi fir d'Revalidatioun, eng Unitéit mat 15 Vakanzebetter, eng Unitéit mat fënn Better, wou Leit urgent kënne opgeholl ginn a schlusslech 15 Better an der Palliativstatioun.

D'Maison de soins vu Klierf setzt haaptsächlech op d'Revalidation

gérontologique, déi ëmmer fest Ziler muss hunn. Dat heescht wou een ëmmer muss dovunner kënnen ausgoen, och déi Leit, déi dohinner geschéckt ginn,...

(Coups de cloche de la Présidence)

...datt se wierklech och erëm her- no méi valid si wéi se virauser woren, datt och hir Chance, fir domat hir Autonomie entweder zrëckze- kréien oder jiddefalls déi Kompetenzen, déi se hunn, och kënne ze behalen, a mat engem konkrete Programm och derbäi fir duerno, wie fir wat responsabel ass, virun allem och fir ze kucken, wat d'Famill ka maachen, d'Servicer a domicile kënne maachen, eventuell och eng Persoun, déi da während dem Dag kann an e Foyer goen oder eventuell och nuets kann an e Foyer goen, esou wéi dat och op verschiddene Plaze virgesinn ass.

Dann denken ech ass en anere wichtege Punkt dobäi, dat ass deen iwwert den Accueil urgent, wou mer ëmmer erëm feststellen, dass et op eemol Leit gëtt, déi nach néierens gemellt woren an déi e Partner hunn, deen eigentlech gesond war an deen deen anere versuergt hat, op eemol krank gëtt oder stierft, an et dann natierlech ganz urgent gëtt, fir dass een déi Persoun ënnerdaach kritt, an dass een also dofir esou Better braucht. Op där anerer Säit gëtt et awer och heiansdo Leit, déi net wëssen: Solle mer dann elo wierklech an esou eppes goen oder net? Do ass et gutt, fir emol dohinner probéieren ze goen, ob dat engem dann elo gefält oder ob dat eppes ass, wat engem zouseet oder och net.

D'Soins palliatifs, dovunner hate mer gëschter méi laang Rieds, mä ech sinn och frou, dass mer 15 Better hei kréien an dat besonnesch och am Norde vum Land, fir dass d'Leit net brauchen duerch d'ganz Lëtzeburger Land do geschleeft ze ginn, an dass se wa méiglech esou no wéi et geet an hirer Heemecht kënne bleiwen.

Dann ass et och an dem Haus selwer esou orientéiert, dass déi Zëmmer, déi fir d'Palliativmedezin bestëmmt sinn, dass déi no hanne leien, an domat a méi engem rouegen Eck vum Haus sinn, wougéint dann alles, wat mat der Revalidatioun ze dinn huet, no bannen am Haus ass, fir dass déi Leit, déi do sinn, domat kënne un dem Liewen am Haus deelhuelen.

Ech sinn och frou, dass eng Plaz oder en ergotherapeutische Gaart dobäikënn, deen natierlech ausser dem Haus ass an do de Pensionairen zur Verfügung steet. Dat Ganzt beleeft sech natierlech da mat 50 Better plus dann déi zéng Chaisen op e Präis vun 12.317.000 Euro an nach e puer der dobäi, wou de Stat bei deenen enge Moosname mat 80% a bei deenen anere souguer mat 100% participéiert, an dat dann e Gesamtchiffer fir de Stat ausmécht vun 11.421.000 Euro.

Ech géif mengen, Här President, opgrond och vu verschiddenen Aussoen, déi ech dës Deeg lo hei héieren hunn, wier et vläicht ganz utile, wa mer këinten den Deputéierte proposéieren eng Kéier op eenzel Plaze kucken ze goen, fir och ze gesinn am Altenberäich, am Behënnerteberäich, bei de Kanner, bei de Jugendlechen, wat et alles zu Lëtzebuerg gëtt, wat mer alles maachen, a wat do geschafft gëtt. Ech wier gäre bereet och mat deenen eenzelnen Träger ze kucken, wann et de Stat net selwer ass, fir dat och kënne op der Plaz ze gesinn. Ech mengen, dat géing ville Leit d'Saach méi einfach maache wéi wa se dat just an der Chamberskommissioun héieren an um Terrain awer ni d'Geleeënheet hate fir dat ze gesinn.

Zum Schluss géing ech wëlle mech entschëllegen, well ech gëschter eppes hei falsch gesot hunn, wat de Projet vun Ierpeldeng betrëfft. Den Här Gibéryen hat gesot, am Rapport stéing dran...

(Interruption et hilarité)

Hie sot, et géing drastoen, dass et d'Gemeng Ierpeldeng wier, déi géing d'Crèche bezuelen, dat steet net an dem Rapport dran, et steet an engem aneren Dokument dran, a fir dass awer keng schlecht Wieder op de Rapporteur oder op de Rapport solle falen, wëll ech da soen, dass dat falsch war - wéi gesot, et steet op enger anerer Plaz, mä an iergendengem vun den Dokumenter steet et awer dran. Dat also gesot, fir d'Wourecht hei hierzestellen.

Da géing ech wëllen dem Här Schneider soen, dass mer de Moment amgaange sinn ongeféier 2.000 nei zousätzlech Better ze maachen, déi amgaange si gebaut ze ginn, amgaange si geplangt ze ginn. Ech géing proposéieren, dass mer lech lo do géifen eng schréffleche Note mat wa méiglech enger Landkaart ginn, op där Der och kéint gesinn, wou se situéiert sinn, déi eenzel Haiser an och eventuell wéi déi virgesinne Bau- phase sinn.

Dobäi brauch ech dem Buergermeeschter vu Wolz net ze soe wéi laang Zäit, dass mer brauchen, wa mer eppes plangen, bis et dann definitiv esou wäit ass. Ech denken un d'Haus vu Wolz, wou ech mat dem Johny Lahure deemools op d'Plaz kucke gaange war, déi éischte Kéier, dat si mëttlerweil sécher eelef Joer hier an ier d'Haus wäert a Betrib goen dauert et nach eng Zäitchen. Dat läit net um Familljeministère, et läit och net un deene Leit, déi et bauen, mä et läit un anere Contrainten, déi domat verbonne sinn. Ech hält och léiwer, et géing méi séier goen, mä domat mengen ech kéint een awer méi kloer gesinn, wat an deenen nächste Joren och hei zu Lëtzebuerg géing als Offer zousätzlech dobäikommen.

Merci.

M. le Président. - Merci, Madame Minister, fir Är Ausféierungen. Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5321.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Wie fir de Projet ass, dee stëmmt mat Jo, wien dergéint ass stëmmt mat Neen oder en enthält sech.

Ech kann lech soen, dass de Projet ugeholl ass mat 58 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

(Interruption)

Da vérifiéiert Är Prokuratiounen. Wann eng net sollt iwwert de Computer gaange sinn, dann huele mer dat no.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Helto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Romain Schneider et Roland Schreiner;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par M. Henri Grethen), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Jean Huss), Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat also esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5176 iwwert d'Ofännerung vun enger UNO-Konventioun géint d'Folter. D'Riezäit ass nom Modell 1 festg- luecht. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Flesch, den Här Klein an den Här Braz. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Christine Doerner. Madame Doerner, Dir hutt d'Wuert.

4. 5176 - Projet de loi portant approbation des amendements au paragraphe 7 de l'article 17 et au paragraphe 5 de l'article 18 de la Convention des Nations Unies contre la torture et autres peines ou traitements cruels, inhumains ou dégradants du 10 décembre 1984, adoptés par la Conférence des États Parties, le 8 septembre 1992 et approuvés par l'Assemblée Générale en sa quarante-septième session par la Résolution 47/111 du 16 décembre 1992

Rapport de la Commission juridique

Mme Christine Doerner (CSV), rapportrice. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'UNO-Konventioun vun 1984 géint d'Folter ass dat éischt internationaalt Dokument an Instrument, dat d'Folter an alle senge Formen an alle Situat-iounen condemnéiert. Lëtzebuerg huet dës Konventioun 1987 ratifizéiert.

Den Artikel 17 vun där nämlecher Konventioun gesäit d'Schafung vun engem Comité vir, deen d'Aufgab huet sech ëm déi tatsächlech Emsetzung vun deene mënscherechtleche Bestëmmungen ze bekëmmern. Dëse Comité, och „Committee Against Torture“, „CAT“ genannt, huet säi Sëtz zu Genf, besteet aus zéng Experten an huet ënner anerem als Roll fir d'alleréisch déi periodesch Lännerberichter ze kontrolléieren, confidentiel Enquêtes an deene Länner ofzehen, wou d'Torture eventuell kéint sinn, a selbstverständlech der UNO-Generalversammlung hire jährelche Rapport ze ënnerbree- den.

D'Länner, déi dës Konventioun ënnerschriwwen hunn, wielen dës zéng Experten no équitabele geographesche Kritären. Den aktuelle Comité zielt a senge Reien zwee Memberen aus der EU an eng Fra.

Nom initialen Artikel 18 ginn dëse Comité a säi Sekretariat vun de Länner, déi Parties à la convention sinn, finanzéiert. 1992 huet awer Australien der UNO virgeschloen, d'Aktivitéite vum „CAT“ an d'Émolumenter vun den Experten direkt duerch den ordinäre Budget vun der UNO ze finanzéieren. Dës Amendementer sinn dat nämlecht Joer an enger UNO-Resolutioun ugeholl ginn, awer si kënne eréischt a Kraaft trieden, wann zwee Drëttel vun de Länner, déi Partie à la convention sinn, dës Annerungen och an hirer interner, nationaler Gesetzgebung ratifizéiert hunn.

Wat eis elo betrëfft, esou wëll ech soen, dass eng Rei vun Argumenter fir d'Acceptatioun vun dësen Annerunge plädéieren. Fir d'alleréisch huet dëst Gesetz e symbolesche Wäert a réitériert de Lëtzebu- erger politesche Wëllen, dës Konventioun, déi am Fong geholl de Kär vun de Mënscherechter duerstellt, ze respektéieren.

Finanztechnesch erlaabt et eng Transparenz an der Finanzéierung. Et verstärkt och de gudder Fon- ctionnement vun den Instrumenter, an erlaabt och en Alignement zu deenen aneren internationale Mën- scherechtskonventiounen, déi lues a lues och de Finanzementsmodus changéieren, zum Beispill d'CERD, d'Konventioun fir d'Eliminatioun vun all Form vu Rassendiskrimi- néierung - dee Comité gëtt och elo aus dem ordinäre Budget vun der UNO direkt finanzéiert. Och op europäeschem Niveau ginn d'Fonctionnementskäschte vum CPT, dem Comité Européen pour la Prévention de la Torture aus dem Budget vum Conseil de l'Europe di- rekt finanzéiert.

Do derniewent stelle mer awer och fest, dass scho viru Joren eng ganz Rei vun europäesche Länner dës Amendementer ratifizéiert hunn. Ech nennen Däitschland, Frankräich, Portugal, d'Schwäiz, England, Schweden an nach aner- er. A schlussendlech recomman- déiert de Statsrot op jidde Fall dëse budgettechneschen Amen- dement unzehuelen. Dofir wëll ech d'Chamber bidden, dëst Gesetz ze stëmmen, an erklären och, dass ech d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun hunn.

M. le Président. - Merci, Ma- dame Doerner. Déi éischt age- schriwwen Riednerin ass d'Madame Colette Flesch. D'Madame Flesch huet d'Wuert.

Discussion générale

Mme Colette Flesch (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréisch wëll ech d'Madame Doerner fir hiren éisch- ten ausféierlechen an excellente Rapport félicitéieren.

Wéi si et gesot huet, handelt et sech hei ëm d'Approbatioun vun Amendementer zu der UNO-Kon- ventioun géint d'Tortur, grausam, onmënschlech an degradant Be- handelungen, déi drop ausginn d'Aktivitéite vum Comité contre la torture net méi vun de Mitgliedssta- ten, mä vum ordinäre Budget vun der UNO finanzéieren ze loossen. Domadder gëtt de Finanzement vun deem Comité alignéiert op dee vun aneren ähnlechen UNO- an europäesche Comitéen. E gëtt méi transparent a méi effikass.

Wa mir haut deen Text approuvéie- ren, komme mir éischstens onsen in- ternationalen Obligatiounen no, an zweetens, wéi d'Madame Doerner et elo just gesot huet, schléisse mer ons deene meeschte Länner vun der Europäescher Union un, déi dësen Text schonn ugeholl hunn.

Ons Fraktioun wäert deen Text stëmmen.

M. le Président. - Merci, Ma- dame Flesch. Als nächste Riedner hu mir den honorabelen Här Jean- Pierre Klein. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Pierre Klein (LSAP). - Här President, Dir Dam- men an Dir Hären, merci der Rap- portrice fir hir detailléiert Rapport- en. Bei Geleeënheet vun der Rati- fikatioun vun dësem Projet de loi wëll ech d'Importenz ënnersträi- chen, déi d'Chamber der Virbeu- gung an der Ofschafung vun der Tortur mat anere Strofen op der Welt bäimiesst. D'Tortur an déi aner Mësshandlungen, déi brutal, on- mënschlech an degradant sinn, gehéieren ënnert déi grausaamst Kategorië vu Verletzung vum de Mënscherechter an der mënschle- cher Dignitéit. Bei eis ass dat net verständlech, mä dat geet nach op ville Plazen esou hier.